

Lëtzebuerg, den 2 Februar 2021

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit,
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Kulturminister weiderzeleeden:

*„Haut ass Liichtmëssdag. All Joer um 2. Februar ginn d'Kanner
zu Lëtzebuerg mat hire Liichtebengelcher duerch d'Stroossen a gi
vun Haus zu Haus bei d'Leit. D'Kanner sangen de „Léiwer
Herrgottsblieschen“ an erwaarde sech dofir Schneekereien.*

*Mat Bedauere stellen ech fest, datt dës flott Traditioun an de
leschte Joren ëmmer méi an de Vergiess geroden ass.
D'Kannergruppe ginn ëmmer méi kleng an aus verschiddenen
Uertschaften héiert een, dass d'Kanner guer net méi liichte ginn.*

*Zanter 2010 steet d'Iechternacher Sprangprëssessioun op der
Lëscht vum immaterielle Weltkulturierwe vun der UNESCO. 2020
ass z.B. d'Spille vum franséische Juegdhar op d'Lëscht
dobäikomm – fir Frankräich, d'Belsch, Italien an och fir
Lëtzebuerg.*

*An deem Kader géif ech der Madamm Kulturminister gäre
folgend Froe stellen:*

- Ass d'Madamm Minister sech bewosst, datt Liichtmëssdag
an änlech Traditioune riskéieren ze verschwannen?*
- Gesäit d'Madamm Minister en Notzen doranner, de
Liichtmëssdag oder änlech Bräich an
Traditioune schützen ze loossen? Wat sinn d'Argumenter
vun der Madamm Minister?*
- Wier et eventuell méiglech, eng Demande ze maachen,
datt Liichtmëssdag – esou wéi d'Iechternacher
Sprangprëssessioun – op d'Lëscht vum immaterielle
Weltkulturierwe vun der UNESCO opgeholl gëtt?*
- Wa jo, wat wier d'Prozedur fir dee Brauch esou schützen
ze loossen?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wier d'Ministesch bereet, esou eng Prozedur an d'Weeër ze leeden?*
- *Wat fir aner Traditiounen a Bräich huet d'Ministesch wëlles schützen ze loossen?'*

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.



André BAULER
Deputéierten